



vun de Privatbeamten a vun 1981 bis 1992 ass si Vizepresidentin vum LCGB gewiescht.

Hir politesch Carrière fänkt si hei bei eis an der Chamber un, wou se 1984 fir d'Éischt gewielt ginn ass a vun do un ëmmer erëm gewielt gouf, an dat mat enger permanenter, grousser Zoustëmmung vun de Wieler.

Als Infirmière anesthésiste huet si all Dag a Kontakt gestane mat de Mënschen an ass mat hiren alldeegleche Suerge konfrontéiert ginn. Sou ass et dann och net verwonnerlech, datt si an der Santéskommissioun souwéi an der Commission du Travail et de l'Emploi war. Doniewent huet si sech awer och engagéiert an zwou Spezialkommissiounen, déi fir Genetik an déi fir de Logement.

Um Gemengenniveau gouf d'Marie-Josée Jacobs 1987 an de Stater Gemengerot gewielt, an deem si bis 1992 blouf, wou si fir d'Éischt an d'Regierung geruff gouf, fir Landwirtschaftsminister an delegéierte Kulturminister ze ginn. Ganz besonnesch an deem leschtgenannte Beräich huet si mat grousssem Engagement a Kompetenz 1995 beim Projet „Kulturhauptstadt“ matgewierkt.

Nodeems de Jacques Santer am Januar 1995 President vun der Europäescher Commissioun gouf, iwwerhëlt si de Familljeministère, dee fir d'Fraeförderung souwéi dee fir d'Mënsche mat Behënnerungen. Vun 1999 bis 2004 ass si Minister fir d'Famill, d'sozial Solidaritéit an d'Jugend a bleift Minister fir d'Fraeförderung.

No de Wahlen 2004 gëtt si Familljeministesch a Ministesch fir d'Chancëgläichheet. 2009 kritt si dann niewent dem Familljeresort och nach d'Kooperatioun. De Fait, datt d'Marie-Josée Jacobs och d'Kooperatioun iwwerholl huet, ass dann och an hirer perséinlecher Logik gewiescht, well den Asaz fir d'Entwécklungslänner hir ëmmer ganz besonnesch um Häerz louch. Well fir si den Asaz fir benodelegt Mënschen an eiser Gesellschaft ëmmer eng vun hiren Hauptprioritéite war, ass dann och d'Responsabilitéit fir de Kooperationsministère eng logesch Kontinuitéit vun hirem politesche Wierke gewiescht.

Iwwer méi wéi 20 Joer huet d'Marie-Josée Jacobs als Ministesch déi politesch Landschaft hei am Land geprägt. Si huet esou wichteg Gesetzer an d'Weeër geleet, wéi datt iwwert de Surendettement, de Mënschenhandel, d'Schafe vum Service volontaire Jeunes, dat iwwert d'Regelunge fir Au-pairen, d'Schafe vum ORK, d'Soins palliatifs oder d'Aktivitéit vun Assistent parental, fir nëmmen dës ze nennen. Derbäi kommen nach eng ganz Rei vu Mesurë fir eis behënnert Matmënschen, wéi zum Beispill den Zougang zu öffentleche Gebaier fir behënnert Leit oder den Zougang fir d'Blannenhenne.

Hir verschidde Mandater, sief dat als Minister oder Deputéiert, huet d'Madame Jacobs och ëmmer als eng Aart Unerkennung gesinn, an dëst Vertrauen, dat hir Wieler hir während 30 Joer geschenkt hunn, huet hir dann och ëmmer erëm déi Kraaft ginn, fir sech mat Iwwerzeegung an Engagement an deene Ministère anzesetzen, fir déi si d'Responsabilitéit hat.

Ganz besonnesch déi verschidde Ministeschresorten hunn hir et dann och erméiglecht, déi Prioritéiten ëmzesetzen, an dat ganz besonnesch am soziale Beräich, wou si net midd ginn ass, sech ëmmer erëm fir Mannerbemëttelt an eiser Gesellschaft anzesetzen.

Ech hat selwer d'Geleeënheet an deene leschte Joren, mat der Madame Jacobs eng Rei vu Visiten an deem Beräich ze maachen, an ech sinn ëmmer erëm impressionnéiert gewiescht, mat wat fir enger Begeescherung d'Marie-Josée vun de Kanner, awer och de Leit mat engem Handicap wëllkomm geheescht ginn ass.

Dee Respekt, dee si all deene Mënschen entgéintbruecht huet, huet si an deemselwechte Mooss erëmkritt, an ech sinn dann och iwwerzeegt, datt ganz vill Leit si an deenen nächste Joren a Méint wäerte vermessen.

D'Marie-Josée Jacobs huet elo decidéiert, an déi wuelverdénge Penssioun ze goen, andeems si en definitive Schlusstréch enner hire politeschen Engagement zitt. Mä wann ee si gutt kennt, weess een, datt domat den Engagement fir déi Leit, fir déi si sech iwwer 30 Joer agesat huet, net wäert zu Enn goen, an ech sinn iwwerzeegt, datt mir si nach oft a bei ville Geleeënheete wäerten erëmginn.

Ganz besonnesch wäert eis awer och an dësem Haus hire sympathesche Maarnecher Dialekt, awer och hire flotten Humor feelen, dee si oft mat an déi politesch Debatten eraflësse gelooss huet.

Ech wëilt am Numm vun lech alleguer dem Marie-Josée Jacobs nach eng Kéier e grouse Merci soe fir hiren Engagement an déi vill Aarbecht, déi si souwuel um Niveau vun der Regierung wéi och hei geleescht huet. Ech wënschen hir vill Erfolleg a Satisfaktioun an all deene Projeten, déi si an Zukunft wäert ugoen,

an ech sinn iwwerzeegt, datt si dat mat deemselwechten Häerzblutt wäert maache wéi bis elo.

Merci, a bis geschwënn, Marie-Josée!

(Applaudissements)

2. Hommage à M. Marc Spautz, ancien Député, Ministre de la Famille et de l'Intégration, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire et Ministre aux Relations avec le Parlement

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, op den 29. Abrëll ass eise Kolleeg Marc Spautz als Minister vereedeegt ginn. Hie verléisst domat eist Haus als Deputéierten an deemno och als Fraktiounspräsident, wat mat sech bréngt, datt mir haut de Mëtteg den Här Pierre Mellina wäerte vereedegen, dee säi Mandat iwwerhëlt.

Ier mer dozou kommen, wëll ech et awer net mëssen, fir dem Marc Spautz vun hei aus villmools Merci ze soe fir dat, wat hien an deenen zwou leschte Legislaturperioden hei an der Chamber geleescht huet, woubäi ee muss soen, datt säi politeschen Engagement sech net nëmmen op déi leschten nëng Joer beschränkt. Au contraire, de Marc war scho fréi gewerkschaftlech a politesch aktiv, ass hien dach mat 14 Joer dem LCGB a mat 18 Joer der CSJ bäigetruden.

Mam Marc Spautz ass dann och 2004 en Häerzbluttsgewerkschaftler an d'Chamber komm, wou hie mat sengem Mandat eng méi sozial Komponent an d'politescht Spill bruecht huet.

Deemno war hien och aktiv an alle Froen, déi d'Aarbechtsrecht ugaange sinn, wou hie bei ville Projekte seng Erfahrungen an der Sozial- a Beschäftigungspolitik abréngen konnt. Hie war och Member an de Kommissiounen fir d'Fonction publique, den Développement durable, d'Économie, d'Kultur, d'Finanzen, d'Santé, d'Classes moyennes, an de wichtege Spezialkommissiounen Tripartite a Crise économique et financière, an net zulescht fir den Transport.

Um internationalen Niveau war de Marc Spautz an der UIP, am Conseil de l'Europe, an der UEO, an hie war vun 2004 bis 2009 Member a President vun der Lëtzebuerger NATO-Delegatioun.

Wéi déi virgenannten Opzielungen et bewei-sen, ass de Marc Spautz e villsäitegen, engagéierten a kompetente Politiker, dat ganz besonnesch säit Oktober 2011, wou hie Fraktiounspräsident vun der CSV ginn ass.

Als ehemolege Fraktiounspräsident wäert hien als aktuelle Minister fir d'Relatiounen mam Parlament sécherlech munch gutt Tuyau kënne ginn, wéi een d'Zesummenaarbecht tëschent dem Parlament an der Regierung nach ka verbesseren, andeems, zum Beispill, d'parlamentaresch Ufroen an den Délaie beäntwert ginn.

► **Une voix.** - Très bien!

(Hilarité et brouhaha)

► **M. le Président.** - Léiwe Marc, am Numm vun all de Kolleegen aus dësem Haus wënschen ech dir all Guddes fir deng Zukunft an denger neier Funktioun als Minister. Du verléisst dëst Haus jo net esou richteg. Mir wäerten dech schliesslech nach oft kënne op der Regierungsbänk gesinn. Deemno nach eng Kéier e grouse Merci fir d'groussen Engagement an déi exzellent Aarbecht, déi s du an eise Reie geleescht hues. An ech sinn iwwerzeegt, datt s du deng Regierungsaarbecht mat gradesou vill Engagement an Energie wäers meeschteren.

(Applaudissements)

3. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Bureau déposéiert.

2) Folgend Projekte goufen an der Administration parlementaire déposiert: den 11. Abrëll vum Justizminister de Projet de loi 6561, eng europäesch Konventioun iwwert d'Nationalitéit; de Projet de loi 6562 iwwert d'Rechter vun den Affer vun Mënschenhandel; an de Projet de loi 6563, eng Ofännerung vun de Gesetzer iwwert d'Juridictions de l'ordre administratif; de 16. Abrëll vum Gesondheitsminister de Projet de loi 6564 iwwert de Prélèvement vu Substanze mat mënschlechem Ursprung; dees-selwechten Dag vum Nohaltegkeetsminister de Projet de loi 6566 iwwert den Austausch vun Informatiounen am Beräich vun de Stroosseninfractions; den 23. Abrëll vum Ausseminister de Projet de loi 6567, eng Konventioun iwwert

d'Limitation vun der Responsabilitéit an der Banneschëffahrt; de 25. Abrëll vum Justizminister de Projet de loi 6568 iwwert d'Ofsta-mungsrecht; den 2. Mee vum Statsminister de Projet de loi 6571, eng Ofännerung vum Wahl-gesetz; dees-selwechten Dag vum delegéierten Nohaltegkeetsminister de Projet de loi 6572 iwwert d'Sanktiounen beim Import an Export vu geféierleche chemesche Produkter; den 3. Mee vum Nohaltegkeetsminister de Projet de loi 6569, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Gestioun vun de Schinneninfrastrukturen.

3) De 15. Mee 2012 huet d'Chamber en Avis motivé ugeholl iwwert d'Dokument COM(2012) 130 final iwwert déi kollektiv Aktiounen am Kontext vum Etablissementsrecht a vun de fräien Dëngschtleeschungsservicer an huet dësen un d'Europäesch Kommissioun wei-dergeleet.

A sengem Brëif vum 14. März 2013 huet de Vizepräsident vun der Europäescher Kommissioun matgedeelt, datt duerch d'Avis-motivé vum zwielef Länner, dorënner Lëtzebuerg, mat engem Total vun 19 Stëmmen de sougenann-ten „Mechanismus vun der gieler Kaart“ konnt ageleet ginn.

Nodeems d'Europäesch Kommissioun d'Argu-menter, déi vun nationale Parlamenten an hiren Avis motivés ervirbruecht gi sinn, analyséiert huet, konnt si net zur Konklusioun kommen, datt de Subsidiaritätsprinzip verletzt gi wier. D'Europäesch Kommissioun huet dunn awer d'Diskussiounen an där Matière verfolgegt an d'Avise vun de Partie-prenanteën a Betruecht gezunn a konnt deemno e Manktum un Enner-stëtzung vun dëser Proposition feststellen. Nodeems si all d'national Parlamenten an den EU-Léiglateur doriwwer informéiert huet, huet d'Europäesch Kommissioun dës Proposition de 26. September 2012 zrëckgezunn.

Communications du Président - séance publique du 14 mai 2013

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

6561 - *Projet de loi portant approbation de la Convention européenne sur la nationalité, faite à Strasbourg le 6 novembre 1997, et modification de la loi du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise*

Dépôt: M. François Biltgen, Ministre de la Justice, le 11.04.2013

6562 - *Projet de loi renforçant le droit des victimes de la traite des êtres humains et portant modification*

(1) du Code pénal;

(2) du Code d'Instruction criminelle;

(3) de la loi modifiée du 12 mars 1984 relative à l'indemnisation de certaines victimes de dommages corporels résultant d'une infraction et à la répression de l'insolvabilité frauduleuse;

(4) de la loi du 8 mai 2009 sur l'assistance, la protection et la sécurité des victimes de la traite des êtres humains et modifiant le Nouveau Code de procédure civile;

(5) de la loi du 29 août 2008 portant sur la libre circulation des personnes et l'immigration

Dépôt: M. François Biltgen, Ministre de la Justice, le 11.04.2013

6563 - *Projet de loi portant modification*

1) de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif,

2) de la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives

Dépôt: M. François Biltgen, Ministre de la Justice, le 11.04.2013

6564 - *Projet de loi modifiant la loi du 25 novembre 1982 réglant le prélèvement de substances d'origine humaine*

Dépôt: M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, le 16.04.2013

6566 - *Projet de loi facilitant l'échange transfrontalier d'informations concernant les infractions en matière de sécurité routière*

Dépôt: M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 16.04.2013

6567 - *Projet de loi portant approbation de la Convention de Strasbourg de 2012 sur la limitation de la responsabilité en navigation intérieure (CLNI 2012) et de l'Acte final, faits à Strasbourg, le 27 septembre 2012*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 23.04.2013

6568 - *Projet de loi portant réforme du droit de la filiation, modifiant*

- le Code civil,

- le Nouveau Code de procédure civile,

- le Code pénal,

- la loi du 11-21 germinal an XI relative aux pré-noms et changement de noms,

- et la loi communale du 13 décembre 1988

Dépôt: M. François Biltgen, Ministre de la Justice, le 25.04.2013

6569 - *Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire (aménagement d'une plate-forme multimodale à Bettembourg/Dudelange – Phase I: travaux préparatoires)*

Dépôt: M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 03.05.2013

6571 - *Projet de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003*

Dépôt: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, le 02.05.2013

6572 - *Projet de loi*

a. *concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (UE) n°649/2012 du Parlement européen et du Conseil du 4 juillet 2012 concernant les exportations et importations de produits chimiques dangereux*

b. *abrogeant la loi du 28 mai 2009 concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (CE) n°689/2008 du Parlement européen et du Conseil du 17 juin 2008 concernant les exportations et importations de produits chimiques dangereux*

Dépôt: M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures, le 02.05.2013

3) La Chambre des Députés a adopté en date du 15 mai 2012 un avis motivé relatif à la proposition de règlement du Conseil relatif à l'exercice du droit de mener des actions collectives dans le contexte de la liberté d'établissement et de la libre prestation des services (COM(2012) 130 final).

Par son courrier du 14 mars 2013, le Vice-Président de la Commission européenne informe la Chambre des Députés qu'à la suite des avis motivés adoptés par 12 parlements nationaux, représentant un total de 19 voix, le mécanisme du «carton jaune» a été déclenché. La Commission européenne a ensuite analysé les arguments avancés par les parlements nationaux dans leurs avis motivés, mais, à l'issue de cet examen, celle-ci n'a pas pu constater de violation du principe de subsidiarité.

Néanmoins, la Commission européenne a pris note de l'état d'avancement des discussions sur la proposition de règlement et des avis exprimés par les principales parties prenantes et a conclu que la proposition était peu susceptible de recueillir le soutien nécessaire. Ainsi la Commission européenne, après en avoir informé les parlements nationaux et le législateur de l'UE, a retiré la proposition le 26 septembre 2012.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

4. Retraits du rôle des affaires de la Chambre des Députés

Op Ufro vun der Regierung huet d'Presiden-tekonzferenz sech ebenfalls derfir ausgeschwat, fir véier Projets de loi vum Rôle ze sträichen. Et handelt sech fir d'Éischt ëm de Projet de loi 5156B iwwert den Zeieschutz, de Projet de loi 5157 iwwert d'Failliten, de Projet de loi 5916 iwwert d'Vergrësserung vun de Kompetenze vun den Agents municipaux an de Projet de loi 6047 géint d'Récidivë bei de Sexualtäter.

Ass d'Chamber heimadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

5. 6558 - Proposition de loi portant fixation du nombre de députés à élire par circonscription électorale

Déclaration de recevabilité

An hirer Réunioun vum 8. Mee huet sech d'Pre-sidentekonzferenz fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech ëm d'Proposition de loi 6558 iwwert d'Unzuel



vun den Deputéierte pro Wahlbezierk, déi vum Här Gast Gibéryen an der Sitzung vum 21. März 2013 deponéiert gouf.

Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Presidentekonferenz un?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

6. Ordre du jour

An hirer Réunion vum 8. Mee huet d'Presidentekonferenz fir dës Woch folgenden Ordre du jour virgeschloen:

Haut de Mëtteg hält fir d'Éischt d'Chamber en neie Member op. Duerno kommen Ännerungen an der Zesummesetzung vun de Chambersorganen a vun de Kommissiounen an internationalen Delegatiounen; de Projet de loi 6467, eng Ofännerung iwwert de Congé parental, nom Basismodell; de Projet de loi 6503 iwwert de SCRIPT, nom Basismodell; de Projet de loi 6522 iwwert d'Schafe vum Clierfer Lycée, nom Modell 1, an de Projet de loi 6550 iwwert de Beruff vum Affekot, alles nom Basismodell.

Muer de Mëtteg um zwou hu mer d'Orientéierungsdebat 6434 iwwert d'Aarbechtspolitik, nom Modell 2; duerno de Projet de loi 6507, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Asylrecht, nom Modell 1; de Projet de loi 6330 iwwert d'Identifikatioun, den Nationalregister an d'Carte d'identité, nom Modell 1.

Den Donneschdeg de Mëtteg um zwou Auer hu mer fir d'Éischt eng Konsultatiounsdebat iwwert de wirtschaftleche Wuesstum an d'Kompetitivitéit zu Lëtzebuerg, nom Modell 2; duerno de Projet de loi 6501 iwwert d'Approbatoun vu fiskale Konventionen a vun de Prozeduren, déi den Informationsaustausch ubelaangen, nom Basismodell; den de Projet de loi 6506, e Protokoll iwwert d'Immunitéit vun der Banque des Règlements Internationaux, nom Basismodell, an duerno de Projet de loi 6524 iwwert d'Schafe vu Chambres professionnelles à base élective, och nom Basismodell.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

7. Vérification des pouvoirs et assermentation de M. Pierre Mellina

Duerch den Antrëtt vum Här Marc Spautz an d'Regierung mussen mer weinst der Incompatibilité mat dësem Mandat haut en neie Member an der Chamber ophuelen. Den Artikel 167 vum Wahlgesetz gesäit Folgendes vir: Déi Kandidaten, déi op jiddwer Lëscht no deene kommen, déi als gewielt proklaméiert goufen, sinn dozou opgeruff, d'Mandat vun deenen Deputéierte weiderzeféieren, wat duerch Demission, Stierfall oder aus iergendengem anere Grond fräi gouf.

Den Artikel 9 vum Chambersreglement hält fest, datt de Chamberspräsident fir d'Successioun vun deem vakanten Deputéiertemandat suergt, nodeems en de Statsminister doriwwer a Kenntnis gesat huet.

A mengem Bréif vum 2. Mee hunn ech mech fir d'Éischt un den Här François Biltgen gewannt, deen, nodeems hie seng éierbar Demission vu sengem Ministeschposte vum Grand-Duc accordéiert kritt huet, laut Artikel 54 drëtten Alinéa vun eiser Verfassung als éischte Suppléant op der Lëscht vun der Chrëschtlech-Sozialer Vollekspartei aus dem Wahlbezierk Süde steet. A sengem Bréif vum 8. Mee huet den Här François Biltgen mech doriwwer informéiert, datt hien op säin Deputéiertemandat verzicht.

A mengem Bréif vum 8. Mee hunn ech mech dunn un den Här Pierre Mellina gewannt, deen deen nächste Suppléant op der Lëscht vun der Chrëschtlech-Sozialer Vollekspartei aus dem Wahlbezierk Süden ass. A sengem Bréif vum 10. Mee huet den Här Pierre Mellina mer matgedeelt, datt hie bereet ass, d'Mandat vum Här Marc Spautz weiderzeféieren.

Am Artikel 3 Paragraphen 1, 4 a 5 vum Chambersreglement steet Folgendes:

«(1) La Chambre est juge de l'éligibilité de ses membres et de la régularité de leur élection.

(4) En cas d'admission d'un membre suppléant, la vérification est faite par une commission de sept membres tirés au sort.

(5) La Chambre se prononce sur les conclusions de la commission, et le Président proclame députés ceux dont les pouvoirs ont été déclarés valides.»

Tirage au sort des députés constituant la Commission de vérification

Ech géif lech da bieden, d'Kommissioun ze constituieren, wéi et am Artikel 3 Paragraph 4 virgesinn ass. Mir lousen elo d'Deputéierten aus, déi an dës Kommissioun kommen: den Här Wilmes, d'Madame Lorsché, den Här Angel, den Här Boden.

► **Une voix.** - Wou ass en?

► **M. le Président.** - E war awer do! D'Madame Doerner.

► **Une voix.** - Wou ass si dann?

► **Une autre voix.** - Si ass net do!

► **M. le Président.** - Ass d'Madame Doerner do?

(Brouhaha)

Dann huele mer eng aner fir d'Madame Doerner.

Den Här Gira. Den Här Bausch - ass och net do.

(Brouhaha général)

Den Här Wagner ass awer do! An den Här Haupt.

(Brouhaha général)

D'Kommissioun setzt sech also aus folgenden Deputéierten zesummen: den Här Angel, d'Madame Lorsché, den Här Wilmes, den Här Boden, den Här Gira, den Här Wagner an den Här Haupt.

Ech géif also elo d'Kommissioun bieden, am Sall 4 a 5 zesummenzekommen, fir d'Resultater vun der Wahl vum 7. Juni 2009 ze präiwen, virun allem, wat den Här Pierre Mellina betrëfft, an der Chamber doriwwer e Rapport virzeleeën.

D'Sitzung ass ënnerbrach.

(La séance est suspendue de 14.48 heures à 15.00 heures.)

Déi öffentlech Sitzung geet weider.

D'Wuert huet elo d'Presidentin vun der Kommissioun, déi mer constituéiert hunn, d'Madame Lorsché. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, d'Kommissioun, déi duerch d'Lous zesummegehallt gouf, setzt sech aus folgenden Deputéierten zesummen: Här Serge Wilmes, Madame Josée Lorsché, Här Marc Angel, Här Fernand Boden, Här Camille Gira, Här Carlo Wagner, Här Norbert Haupt. Den Här Wilmes gouf zum Rapporteur an ech selwer zum President vun der Kommissioun ernannt. Här President, ech bieden lech deemno, dem Rapporteur d'Wuert ze ginn.

► **M. le Président.** - Merci der Madame Presidentin. An d'Wuert kritt also elo de Rapporteur, den Här Serge Wilmes. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de vérification

► **M. Serge Wilmes (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, am Numm vun der Commission ad hoc géif ech lech also de Rapport elo virdroen. An zwar duerch den Arrêté grand-ducal vum 30. Abrëll 2013 ass den Här Marc Spautz an d'Regierung komm. Duerch Arrêté grand-ducal vum 29. Abrëll 2013 huet de François Biltgen seng éierbar Demission als Regierungsmember vum Grand-Duc accordéiert kritt.

Laut Artikel 54 Paragraph 3 vun der Verfassung gëtt den Deputéierten, deen an d'Regierung geruff gëtt an domat säin Deputéiertemandat niddlerleet, als éischte Suppléant op der Lëscht, op där hie gewielt gouf, ageschriwwen. Deemno ass den Här François Biltgen éischte Suppléant op der Lëscht vun der Chrëschtlech-Sozialer Vollekspartei am Wahlbezierk Süden.

Esou wéi den Artikel 167 vum Wahlgesetz et virgesäit, ginn déi Kandidaten, déi op jiddwer Lëscht no deene kommen, déi als gewielt proklaméiert goufen, dozou opgeruff, d'Mandat vun deenen Deputéierte weiderzeféieren, dat duerch Demission, Stierfall oder aus iergendengem anere Grond fräi gouf. Dem Artikel 9 vum Chambersreglement no suergt de Chamberspräsident fir d'Successioun vun deene vakanten Deputéiertemander an informéiert de Statsminister doriwwer.

A sengem Bréif vum 2. Mee 2013 huet de Chamberspräsident sech un den Här François Biltgen gewannt, deen als éischte Suppléant op der Lëscht vun der Chrëschtlech-Sozialer Vollekspartei aus dem Wahlbezierk Süde steet. Deeselwechten Dag huet de Chamberspräsident och de Premierminister doriwwer informéiert. A sengem Bréif vum 8. Mee 2013 huet den Här François Biltgen eise Chamberspräsident doriwwer informéiert, datt hien op säin Deputéiertemandat verzicht.

A sengem Bréif vum 8. Mee 2013 huet de Chamberspräsident Laurent Mosar sech un den Här Pierre Mellina gewannt, den nächste Suppléant op der Lëscht vun der Chrëschtlech-So-

zialer Vollekspartei aus dem Wahlbezierk Süden. Deeselwechten Dag huet de Chamberspräsident och de Premierminister doriwwer informéiert.

Am Artikel 118 vum Wahlgesetz, a méi speziell am Artikel 3 vum Chambersreglement, ass virgesinn: «La Chambre des Députés juge de l'éligibilité de ses membres et de la régularité de leur élection.» Eis Kommissioun hat als Aufgab, déi néideg Verifikatiounen virzehuelen.

D'Legislativwahl vum 7. Juni 2009 sinn dann den 8. Juli 2009 vun der Chamber iwwerpréift a validéiert ginn. Aus de Procès-verbaux vun dëse Wahlen geet ervir, datt de Pierre Mellina, wunnhaft zu Lamadeleine, effektiv den nächste Suppléant op der Lëscht vun der Chrëschtlech-Sozialer Vollekspartei am Wahlbezierk Süden ass, fir dem Här Marc Spautz seng Plaz unzehuelen no deem senger Nominatioun als Regierungsmember an nodeems den Här François Biltgen op säin Deputéiertemandat verzicht huet.

A sengem Bréif vum 10. Mee 2013 huet de Pierre Mellina de Chamberspräsident informéiert, datt hien d'Mandat vum Här Marc Spautz wëllt weiderféieren. D'Kommissioun stellt eestëmmeg fest, datt näischt géint d'Veeedgeung vum Här Pierre Mellina schwätzt a wënscht him vill Gléck bei der Ausübung vu sengem Mandat. Den Dossier, deen der Kommissioun zur Verfügung gestallt gouf, gëtt um Bureau déposéiert.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschtenen.

► **M. le Président.** - An ech soen dem Här Rapporteur Merci. De Konkusioun vum der Kommissioun no sinn d'Dispositiounen souwuel vum Gesetz wéi vum Reglement op dësem Gebitt respektéiert, an deemno kann den Här Pierre Mellina dem Här Marc Spautz nofolgen.

Ass d'Chamber mat de Konkusiounen vun der Kommissioun averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

An ech géif lech da bieden, den Här Pierre Mellina erakommen ze loossen.

Prestation de serment de M. Pierre Mellina

Här Mellina, ech bieden lech, den Eed ze leeschten, esou wéi et am Artikel 57 vun eiser Verfassung virgesinn ass, an dee folgende Wuertlaut huet: «Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'État.»

Hieft wann ech gelift déi riets Hand, fir den Eed ofzeleeën, a sot no mir: «Je le jure!».

► **M. Pierre Mellina (CSV).** - Je le jure!

► **M. le Président.** - Ech ginn Akt vum Eed vum Här Pierre Mellina. Här Pierre Mellina, Dir sidd elo zum Member vun der Chamber proklaméiert. Meng Félicitatiounen, an ech ginn lech direkt d'Wuert.

► **M. Pierre Mellina (CSV).** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, haut geet eng nei Etapp vu mengem politesche Liewen un. Ech freeë mech op dës nei Aufgab am Intérêt vun eisem Land, am Intérêt vun alle Bierger, ob Lëtzebuerger oder net, déi an dësem Land liewen a schaffen. Datt ech dës Méiglechkeet ab haut kréien, verdanken ech sécher un alleréischter Stell de Wieler, déi mer Vertraue bei de Wahlen 2009 geschenkt hunn, menger Partei, a besonnesch dem Marc Spautz, deen zënter dem leschten 30. Abrëll vum Krautmaat an d'Regierung gewiesselt ass. Ech wëll him dann och vu menger Säit vill Erfolleg a vill Satisfaktioun a sengem neien Amt wënschen.

Ech weess, datt ech als neien Deputéierten net den Usproch kann erhiewen, esou en erfuerene Politiker nahtlos ze ersetzen. Ech wäert awer mat vollem Engagement dës Aufgab an dësem héijen Haus ugoen. Eigentlech war et fir mech ni eng Ambitioun, e Mandat an der Chamber unzestriewen, esou wéi ech mir viru ronn 20 Joer och net richtig virstelle konnt, Politik ze maachen, wéi am Hierscht 1992 den deemo-lege Péitenger Deputé-maire René Putzeys mech gefrot huet, fir mech an der Péitenger Gemengepolitik ze engagieren.

Et hat deemools schon eng ausseruerdentlech Hartnäckegkeet vum Här Putzeys an eng besonnesch Iwwerzeegungskraaft vu mengem Frënd Jean-Marie Halsdorf gebraucht, fir datt ech 1993 un de Gemengewahlen deelgeholl hunn. Ech hat d'Chance, direkt am Januar 1994 als neie Conseiller am Gemengerot vu Péiteng unzufänken. A vun do un ass eigentlech mäin Interessi un dëser neier Aufgab an un der Politik vu Joer zu Joer gewuess.

Ech hu gemierkt, datt de Gestaltungsberäich vun engem Politiker méi grouss ass, wéi ee sech dat als Aussestehende virstellt, datt d'Aarbecht als Politiker een esou fessele kann, datt den héijen Zäitopwand, deen d'politesch Mandat sécher an Usproch huen, kaum stéiert, datt bis elo déi perséinlech Satisfaktioun bei der Ausübung vu mengem politesche Mandat all

Réckschlag an negativ Experienz, déi ni ausbleiwen, egal wat een am Liewe mécht, large-ment kompenséiert. Dofir kann ech jiddwerengem, besonnesch deene jonke Generatiounen, nëmme mat op de Wee ginn, datt et sech och haut nach lount, sech an eiser Gesellschaft an der Politik ze engagieren.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, e politesch Engagement ass nëmme méiglech, wann een déi néideg Ënnerstützung huet. Dofir wëll ech virun allem menger Famili, menger Fra Marie-Jeanne, menge Kanner Nadia, Linda a Gilles Merci soe fir all déi Joren, wou se mech op mengem politesche Wee begleet hunn, menge Frënn vu Péiteng, besonnesch der lokaler CSV-Fraktioun, déi ëmmer hannert mir stoung, och a besonnesch an de rare Momenter, wou meng Motivatioun nogelooss huet.

An enger Zäit, wou emol méi oder emol manner iwwer eng Trennung zwëschen engem nationalen an engem Gemengemandat debatiert gëtt, kënn mat mir e weideren Deputé-maire an d'Chamber. Ech erënnere mech u meng fënnf éischt Joren als Buergermeeschter, wou ech mat enger Fräistellung vun 18 Stonnen an der Woch hu missen auskommen, fir meng politesch Missioun, mä besonnesch och meng Missioun als éischte Responsabelen an enger Gemengeverwaltung, déi ronn 350 Mitarbeiter beschäftegt, ofzedecken.

Dat war eng schwiereg Zäit. An ech war eigentlech richteg frou, wéi am Februar 2009 de Congé politique vun enger Gemeng mat iwwer 10.000 Awunner op 40 Stonne gehuewe gouf. Vun deem Dag u konnt ech mech bal ausschliessech ëm d'Leedung vun der Péitenger Gemengeverwaltung këmmen, wat sécher, och wann dat net ëmmer vu jiddwerengem esou positiv ugesi gouf, mir d'Méiglechkeet ginn huet, mech an engem vill méi fortgeschritten Detail mat den eenzelnen Dossieren ze beschäftegen.

Ab haut wäert meng Aarbechtsweis, an domadder och déi vu menge Kolleegen aus dem Schäfferot an den enkste Mataarbechter aus der Gemengeverwaltung, sécher erëm änneren. Ech sinn iwwerzeegt, datt déi grouss professionell Erfahrung vun dëse Leit, mä och d'Organisations- an d'Koordinatiounstalent vu menger Assistentin an der Péitenger Gemeng mir et erlabe wäerten, déi zwee Mandater parallel ze meeschten.

An de leschten Deeg gouf ech ëmmer erëm gefrot, wat dann elo meng Haaptprioritéiten als neien Deputéierten an deem nächste Joer wäerte sinn.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, an engem Land wéi Lëtzebuerg gëtt et ganz vill politesch Felder, wou et zu enger Iwwerschneidung zwëschen der nationaler an der lokaler Politik kënn. Ganz vill nationalpolitische Dossier, déi fir de Moment zur Diskussioun stinn, fannen och hiren Nidderschlag an der Gemengepolitik, esou datt ech mech an deene leschte Joren a meng verschiddene politesche Funktiounen, déi ech wouergeholl hunn, domadder auserngeesat hunn.

Ech wëll dozou nëmmen zwee Beispiller ginn:

Éischstens, d'Zuel vun den Aarbechtslosen, besonnesch, mä awer net nëmmen, bei de Jonken, klëmmt permanent an eisem Land. Dofir brauche mer eng performant Aarbechtspolitik. Mir brauchen och Beschäftigungsinitiativen, fir déi opzefänken, déi kuerzfristeg keng Chance um éischten Aarbechtsmaat wäerte kréien. Aktiounen, wéi mer se an de leschte Wochen a Méint zu Lëtzebuerg erlieft hunn, wou e grouse Réseau, deen eigentlech viru 15 Joer an der Wee vun dëser wichtiger Initiativ stoung, kuerzerhand liquidéiert gouf, gesinn ech op jidde Fall als definitiv dat falscht Signal an der Aarbechtslosegkeetsbekämpfung.

Och mussen mer Plazen, Zone-d'activités-économique schaffen, wou nei Betriber sech kënnen installéieren, wou nei Aarbechtspolize geschafe kënnen ginn. Dofir brauche mer de Plan sectoriel «Zones d'activités économiques». A mir brauchen awer och administrativ Weeër, déi eis erlaben, dës wichteg wirtschaftlech Infrastrukturen, déi an dësem Plan sectoriel virgesi sinn, esou séier wéi méiglech ze realisieren. Wa mer géigeniwwer vun eisen Nopere konkurrenzfähig wëlle bleiwen, a mir hu fir de Moment all Voraussetzungen nach derzou, da mussen mer zu eisen alen Tugenden zrëckfannen an erëm zum kuerze Wee, zu de schnellen Décisiounen zrëckkommen.

Beispiller wéi d'Erschleissung vun enger Zone d'activités économiques an der Péitenger Gemeng, wou elo d'Planungsphas sech iwwer 15 Joer higezunn huet, droe sécherlech net derzou bäi, de wirtschaftlechen Opschwing an eisem Land ze fördern.

Zweetens, mir brauchen och e performanten öffentlichen Transport. D'Moderniséierung vun der Eisbunnstreck zwësche Péiteng a Lëtzebuerg war sécher e wichtige Schratt fir d'Urbanung vum Südweste vum Land un d'Haaptstad.